

Lëtzebuerg, de 17 Januar 2024

Här Claude WISELER  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden:

*„Rezent gouf an enger parlamentarescher Fro matgedeelt, datt d'Zuel vun de Phishing-Attacken an der leschter Zäit zu Lëtzebuerg explodéiert wier. Et ass mer souguer zougedroe ginn, datt dës Ugrëff souwäit kënne goen, datt d'Anarquë Versteesdemech ausdrécken, wann d'Leit hinnen um Telefon matdeelen, dass si net bereet sinn, perséinlech Date präiszeginn. Si soen dann, datt se bei d'Leit heem géife kommen. Dat ass dann och geschitt an etlech Leit sinn op dësen Trick eragefall.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Inneminister folgend Froe stellen:*

- A wéi ville Fäll, an deene Plainte gemeet gouf, hunn Anarquen zënter 2020 Leit doheem opgesicht?*
- Wat sinn déi geleeftegst Methode fir d'Leit ze bedréien?*
- Wat fir eng Leit goufen an deene meeschte Fäll Affer vun engem Phishing? Sinn do spezifesch Alterskategorieë betraff?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu